# Spiritualitéit bei den LGS

Am Guidissem/Scoutissem spillt dat Spirituellt eng wichteg Roll. D'LGS versti sech als reliéis pluralistesche Verband, mat chrëschtleche Wuerzelen. Dat heescht mir sinn e Verband, deen op ass fir all Mënsch, egal wat seng reliéis oder philosophesch Usiichte sinn. Wat eis verbënnt ass de Guidissem/Scoutissem, net eng spezifesch Relioun.

## Wäerter vermëttelen

D'LGS wëllen als Jugendmouvement e positive Bäitrag derzou leeschten de Jonke wichteg Wäerter, déi am Guiden- a Scoutsgesetz festgehale si, mat op de Wee ze ginn. Fir dës Wäerter ze vermëttelen, spillen nieft villen aneren déi reliéis a spirituell Aktivitéiten eng wichteg Roll.

## Rechter hunn

All Kand, Jonken a Chef bei den LGS soll, am Kader vum Méiglechen, d'Recht drop hu während de Guiden- a Scoutsaktivitéite senger eegener Relioun oder philosophescher Richtung nozegoen.

## Spirituell Erfahrungen

All Member soll d'Chance kréien, fir positiv spirituell Erfahrungen ze maachen a soll bei senger Sich no senger philosophescher oder reliéiser Orientéierung ënnerstëtzt ginn.

## Toleranz a Respekt

D'Membere sollen derzou opgefuerdert ginn, sech mat dem Glawen oder Positioune vun anere Mënschen auserneenzesetzen an dës Wäerter schätzen ze léieren. Guiden a Scouten sollen tolerant an oppe sinn.

## Wat mir net akzeptéieren

Leit, déi extrem oder radikal Positioune vertrieden an offensiv d'Haltung vun aneren attackéieren oder net respektéieren, passen net bei ons.

*Dësen Text gouf vum extraordinäre Verbandskongress den 3. Mee 2015 zu Sandweiler ugeholl.*